N°1233
Entrée le 21.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1233 vum 25. September 2024 vum honorabelen Här Deputéierte Jeff Engelen**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu den elektreschen Trottinetten am ëffentleche Stroosseraum.

Elektresch Trottinette gehéiere laut dem Code de la Route zu de sougenannte "*microvéhicules électriques*"(MVE), wéi am Artikel 2 vum "*Arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques*" festgehalen.

Deemno dierfe Kanner bis zum Alter vun 13 Joer dës Gefierer um Trottoir benotzen, wann se do keng Foussgänger behënneren oder a Gefor bréngen. Ab 13 Joer muss de Benotzer vun engem MVE dann op der Strooss fueren.

D'Regierung gesäit fir den Ament keng Noutwendegkeet d'Benotzung vun elektreschen Trottinetten un eng spezifesch Haftpflichtversécherung ze bannen, well d'Accidenter mat dëse Gefierer schonns duerch déi perséinlech Haftpflichtversécherung ofgedeckt ginn. Och wier et schwéier, eng Obligatioun fir d'Matféiere vun Dokumenter anzeféieren, well elektresch Trottinetten, d'selwecht wéi Vëloen, net immatrikuléiert sinn. Dëst entsprécht och der Praxis an deene meeschte Länner an Europa, wou eng zousätzlech Versécherung oder Immatrikulatioun nëmmen néideg ass, wann d'Trottinette méi héich Geschwindegkeete kënnen erreechen oder méi eng grouss Leeschtung hunn.

Wat eventuell Coursen fir Mannerjäreger ugeet, esou gëtt et am Moment effektiv Iwwerleeunge fir an de Schoule mat de Schüler méi op de Sujet vun der Verkéierssécherheet, an dann an dem Kontext natierlech och iwwert MEVen, an ze goen. An deem Sënn wäerten Gespréicher mat dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend gefouert ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes